ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2017

Depot: Fernand Kartheiser

RESOLUTION

D'Chamber stellt fest:

- datt d'Iwwerwaachung vun der Raimlechkeete vun der Chamber, an zum Deel den Accès vum Publikum an d'Chamber, un eng privat Sécherheetsfirma iwwerdroen ass;

- datt d'Sécherheet an d'Iwwerwaachung vun der Chamber, eng vun de wichtegsten Institutiounen am Land, muss eng ëffentlech Aufgab sinn;

- datt d'Personal, datt fir d'Chamber schafft, soll Lëtzebuergesch schwätzen;

- datt et dem Beruff vum fräiwëllegen Zaldot un Attraktivitéit feelt, wat zum Deel och op e Manktem vu beruffleche Perspektiven nom Enn vum Militärdéngscht zréck ze féieren ass.

Dowéinst fuerdert d'Chamber de Bureau vun der Chamber op:

- am Kader vun der Iwwerwaachung vun de Raimlechkeete vun der Chamber, d'Personal fir déi Aufgab an Zukunft exklusiv ënner de fräiwëllegen Zaldoten um Enn vun hirem Déngscht, ze rekrutéieren.